PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 30/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Ëmmer méi Mënschen zu Lëtzebuerg hu mëttlerweil schon eng éischt Impfung géint de Covid-19 erhalen an all Dag kommen der dobäi. D'Impfbereedschaft zu Lëtzebuerg ass héich an dat wéisst sech och an der héijer Unzuel u Persounen, déi sech op deene verschiddene fräiwëllege Lëschten aschreiwen, fir eng Reschtdosis ze kréien, déi aanscht Owes am Impfzenter géif ewech gehéit ginn, oder fir eng Impfung mam Vaccin vun AstraZeneca oder Johnson & Johnson ze kréien.
Viraussetzung, fir sech op esou eng Lëscht androen ze kënnen, ass d'Ausfëllen vun engem Online-Formular bei deem ee seng Matricule muss aginn.
Mat der Matricule ka kontrolléiert ginn, ob eng Persoun och wierklech zu Lëtzebuerg wunnt an ob si och aal genuch ass, fir dierfe geimpft ze ginn. Falls de Krittär vum Alter oder vun lieu de résidence net erfëllt sinn, kann ee sech net op der Lëscht androen.
Grad bei jonke Persounen, déi erréischt säit kuerzem d'Volljähregkeet ereescht hunn, soll et aktuell zu Problemer kommen, well hier Matrikulen um Site net akzeptéiert ginn, obwuel si eigentlech all d'Krittären erfëllen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn all Dag nei Matrikulen fräigeschalt, fir sämtleche Persounen, déi un deem Dag d'Volljäregkeet ereescht hunn, Zougang zum System ze erméiglechen?
    - Falls nee? All wéi vill Deeg/Wochen ginn nei Matriculen am System fräigeschalt?
    - Firwat gouf sech fir dësen Intevall-System entscheed?

2. U wéi eng Administratioun kann sech eng Persoun wenden, falls si Problemer huet, sech op enger Lëscht unzemellen, well d'Matrikule refuséiert gëtt, obwuel se all d'Krittäre fir eng Inscriptioun erfëllt?
    - Kann sech dës Persoun op engem aanere Wee umellen oder muss si warden bis den informatesche Problem geléisst gëtt?

3. Wéi laang dauert et an der Moyenne fir eng Matricule fräizeschalten wann eng Persoun volljähreg gett?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député